

Restrukturierung vun den ënneschte Carrièren

Wéi mir lech am leschten «Den Douanier» matgedeelt hunn, war d'Douanesgewerkschaft (DG) dëst Joer staark am sougenannten Dossier «harmonisation des carrières inférieures» involvéiert. Als kleng Récapitulatif; Wéi am Accord salarial vun 2016 festgehale, realiséiert d'Fonction Publique eng Etude déi eng Harmonisatioun vun den ënneschten Carrièren (groupe de traitement C an D) uviséiert. Ënnert der Leedung vum Här Gilbert Goergen, Vizepresident vun der CGFP, ass en Aarbechtsgrupp créiert ginn deen sech spezifesch mat deem Dossier befaasse sollt. Am Aarbechtsgrupp waren dann och déi concernéiert 21 Memberorganisatiounen vun der CGFP vertrauden, dorënner och d'DG mat sengem Secrétaire Général de Brickler Steve an dem Member an gläichzäiteg Vizepresident vun der APFP Da Silva Cruz Daniel. No dem éischten «Brouillon» vun der Etude vun der Fonction Publique iwwert den ënneschten Carrièren, huet den Aarbechtsgrupp déi éischt Iddien zesummegefaasst an huet dem Minister vun der Fonction Publique, dem Här Marc Hansen d'Dokument zougeschéckt. Dëst huet den Minister Marc Hansen dozou beweegt den Här Gilbert Goergen an enger Delegatioun vum Aarbechtsgrupp (Dorënner och en Douanier) op eng Versammlung an der Fonction Publique anzulueden déi den 14. Oktober 2019 och stattfonnt huet.

No der éischer Propose vum Aarbechtsgrupp:

- Carrière C1: pour 5 années d'études secondaires ou secondaires techniques
- Carrière C2: pour 2 années d'études secondaires ou secondaires techniques
- Carrière C3: pour ceux qui ne remplissent aucune condition

huet den Här Minister Marc Hansen eng Géigepropose gemaach déi just nach 2 groupes de traitement envisagéiert anstatt vun den 4 groupes de traitement vun haut (C, D1, D2, D3). D'Propose hu mir dann och mat zeréck an den Aarbechtsgrupp geholl.

D'Conclusioun ass folgend:

- Groupe de traitement C1 pour les agents ayant cinq années d'études secondaires ou secondaires techniques ;
 - Niveau général : les grades 5, 7, 8
 - Niveau supérieur : les grades 8bis, 10 et 11.
- Groupe de traitement C2 pour les agents ayant moins de cinq années d'études secondaires ;
 - Niveau général : les grades 3, 4, 5
 - Niveau supérieur : les grades 6, 7 et 7bis.

Den aktuellen groupe de traitement C1 an D1, géingen an den neien groupe de traitement C1 kommen soudass den D2 an den D3 an den neien groupe de traitement C2 intégréiert ginn.

Dës Propos géing enger Seits den Ecart tëscht dem Aktuellen fin de carrière D1 an C1 zum B1 vun 131 Punkten op 75 reduzéieren (hautzedaags trennen als Verglach den A2 an den B1 - 30 Punkten), mee och eng méi gerecht Opdeelung vum Oflaf vun den ënneschten Carrièren par rapport zu den aneren groupes de traitement matbréngen.

Eis ass et awer extrem wichteg gewiescht dass dës nei Opdeelung onsen Memberen endlech d'Méiglechkeet bitt, déi berüümten horizontal Mobilitéit, déi d'Fonction Publique sou gäre vermëttelt, ze notzen an engem «changement d'administration» an Zukunft näischt méi am Wee steet.

Den Dossier ass op der leschter Ligne droite. Mir halen lech selbstverständlech um Lafenden wann eng Decisioun getraff gouf.

Daniel Da Silva Cruz